

**(Assentiment)**

Et ass esou décidéiert.

Da kéime mer elo zum nächste Punkt vun eiser Tagesordnung, dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 4945 iwwert den CECA-Vertrag. Et hu sech schonn ageschriwwen déi Hären: Wiseler, Fayot, Rippinger, Henckes, Huss an Urbany. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Emile Calmes.

**6. Projet de loi 4945 portant approbation de la Décision des représentants des Gouvernements des Etats membres, réunis au sein du Conseil, relative aux conséquences financières de l'expiration du Traité CECA et au Fonds de recherche du charbon et de l'acier, adoptée le 27 février 2002**

**Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense**

**M. Emile Calmes (DP), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Modell zwee géif mer u sech erlaben e ganz wäiten Historique iwwert den CECA-Vertrag ze maachen, iwwert seng 50 Joer an iwwert säin Auslaf, mä ech mengen den CECA-Vertrag a seng 50 Joer sinn an de leschte Woche gebührend gefeiert ginn. An deem Sënn géif ech da fräiwëlleg op de Modell null iwwergoen, fir dat esou kuerz wéi méiglech ze maachen.

Fir e Wuert ze gebrauchen, wat een am Tour de France gebraucht, kéint ee soen, géif et sech hei ëm ee Gesetz handeln, wat eng Loi balai wier, a mir spillen a sech e bësse Voiture balai, well dat, wat mer haut diskutéieren, ass a sech schonn am Kader vum Traité vun Nice diskutéiert ginn. Et geet an deem Gesetz hei ganz einfach eben ëm déi finanziell Konsequenze vum Auslaf vun deem CECA-Vertrag, deen den 23. Juli ausleeft, an iwwert d'Schafung vun engem Forschungsfong, dee mat Kuel a mat Stol ze dinn huet.

**(M. Jean Asselborn prend la Présidence)**

Dese Problem ass an engem Protokoll am Kader vum Traité vun Nice scho geléist ginn. Do war nämlech décidéiert ginn dës Gelder, déi nach bei der CECA sinn, an e Forschungsfong ze iwwerdreen oder e Forschungsfong domat ze speisen, dee mat Kuel a Stol ze dinn huet, mä well den Traité vun Nice jo awer, bedingt duerch d'Ëmstänn, déi mer kennen, sécher net bis den 23. Juli kann a Kraaft trieden, hunn d'Vertreieder vun de Länner aus der Europäescher Unioun décidéiert d'Kommissioun provisorisch an en attendant, datt den Transfert vun de Fonge vollzunn ass, mat der Gestiou vum dem aktiven a passiven Patrimoine vun der CECA ze beoptragen, esou datt si dat géréieren.

Dat ass verbonnen domat, datt d'Kommissioun soll fir d'Rentabilitéit vun deene Gelder hei garantéieren. Si soll nämme Forschungsprojete finanziell ënnerstëtzen, déi mat Kuel a Stol ze dinn hunn an déi net schonn duerch aner Forschungsprojeten oder Forschungsprogrammer ofgedeckt sinn. Déi net gebrauchte Gelder a Kreditter um Enn all Kéiers vum Joer, den 31. Dezember, sollen op dat Joer drop reportéiert ginn a kënnen kengen anere Kreditter zougefouert ginn. Dann ass nach décidéiert ginn, datt d'Kommissioun a sech entschädegt gëtt, fir déi Fongen hei ze géréieren.

An deem Sënn géif ech d'Chamber bidden deem Projet hei zouzestëmmen. Merci.

**M. le Président.**- Merci, Här Calmes. Den éischte Riedner ass den Här Claude Wiseler.

**Discussion générale**

**M. Claude Wiseler (CSV).**- Merci, Här President. Ech wëilt fir d'éischt dem Rapporteur Emile Calmes aganks kuerz merci soe fir säi schrëftlechen a mëndlechen Rapport. Hien huet dat gutt an ausféierlech gemaach.

Den 23. Juli 2002 dréine mer eng wichteg Säit am Geschichtsbuch vun der europäescher Integratioun a vun eisem Land. Ech mengen, iwwert de Projet a seng Technicitéit ass an deem Sënn net méi ze soe wéi dat, wat den Här Calmes gesot huet. Nach wëll ech awer just zwou Minutte mer Zäit huelen, fir vläicht iwwert dee sentimental Deel, deen dee Projet awer a sech huet - an dat kann een net niéieren - iwwert deen histoireschen an onrationellen Deel, deen domadder verbonnen ass, e puer Wieder ze soen.

Den Traité iwwert d'CECA ass den 18. Abrëll 1951 vun der Belscht, Holland, Italien, Frankräich, Däitschland a Lëtzebuerg fir eng Dauer vu 50 Joer signéiert ginn. Mam 23. Juli 2002 hu mer dësen Délai deemno liicht iwwerschratt. D'CECA huet d'Deklaratioun Schuman vum 9. Mee 1950 konkretiséiert. Fënnf Joer, nodeems den europäesche Kontinent duerch den Zweete Weltkrich zerstiéiert ginn ass, huet de Robert Schuman proposéiert d'Produktioun vu Stol a Kuelen a Frankräich an an Däitschland ënnert eng héich Autoritéit ze setzen. Et war deemools keen Zoufall, datt speziell an dësen zwee Secteuren e gemeinsame Marché créiert gouf. Stol a Kuele waren, a sinn et zum Deel haut nach, déi Matière, déi entscheidend si fir eng Krichsféierung an eng Waffenindustrie.

**(Coups de cloche de la Présidence)**

An den Nokrichsjoren ass d'Demande fir dës zwou Matièren ëmmer méi zréckgaangen an déi Länner, déi sech ekonomesch op dës zwou Matière gestäipt hunn, hu riskéiert an eng wirtschaftlech Rezessioun ze falen. Fir Länner wéi Lëtzebuerg an d'Belscht, wou d'Stolindustrie eng grouss wirtschaftlech Bedeitung hat, war et selbstverständlech deem Traité bäizetrieden. Et war eng

Fro vun ekonomescher Viabilitéit, eng Chance fir den Opbau vum Land a vun Europa an d'Weeër ze leeden.

D'Donnéeën hu sech awer haut wesentlech verännert. D'Kommissioun huet hire Wëlle bekräftegt, fir d'Kuel an d'Stolpolitik weiderhin ze gestalten, net nëmmen am Fuerschungsberäich, mä och am Beräich vun der Industriepolitik, der Energie an dem internationalen Handel, dëst speziell am Hibleck op d'EU-Erweiterung. An den osteuropäesche Bäitrettslänner bestinn haut nach ëmfangräich an nach net gänzlich restrukturéiert Kuel- a Stolsecteuren, déi vollstänneg mussen an déi erweidert europäesch Wirtschaft integréiert ginn. Hei spillen d'Experienzen aus der CECA eng wesentlech Roll.

Dir Dammen an Dir Hären, obwuel et sech ëm en Traité gehandelt huet, dee sech op zwee spezifesch Secteure bezunn huet, hunn d'Grënnungsmitglieder iwwert den ekonomeschen Impakt eraus gekuckt a reell Chancen zur Befriedung vun Europa gesinn. Et ass do, Här President, wou de Bilan am Positiivsten ass. D'CECA ass um politesche Plang d'Gebuerststonn vun der Europäescher Unioun, wéi mer se haut virfannen. D'CECA war e couragéierten a bedeitsame Schrëtt fir eise Kontinent.

Et war déi éischt Moosnam vun Europa, mat deem en Deel vun den nationale Souveränitéiten zum Wuel vun alle Bedeelegten ofgetruede goufen. D'CECA war Virreider bei der Schafung vu gemeinsame supranationalen Institutiounen fir Europa, d'Grundlag also vum heitegen Europa an e Meilesteen an der politescher Geschicht. Och 50 Joer dono ass Europa nach ëmmer bei der Entwécklung an dem Ausbau vu sengen demokrateschen Institutiounen wegweisend an der Welt.

D'CECA war en neit Kapitel an der Geschicht vum demokratesche Regéieren, well et d'Communautéit an d'Laag versat huet a wichtegen ekonomeschen a politeschen Dossierer iwwert déi national Grenzen eraus Affären ze regelen. Si stellt zu gudder Lescht eng Inspiratioun duer fir déi kommend Generatiounen, e Beispill vun enger grousser politescher Réussite. Et war dëst de Mérite vu Politiker, déi duerch zwee Kricher an hirem politesche Schafe geprägt goufen: de Jean Monnet, Robert Schuman, Alcide de Gasperi, Paul-Henri Spaak, Joseph Bech, Konrad Adenauer hunn den architektonesche Grondsteen vun der CECA geluegt, déi de Virleefer vun den heitegen EU-Institutiounen war an déi Aarbechtmethoden agefouert huet, wou d'Grondsätz nach haut bei der Aarbecht hire Bestand hunn.

Mat dem Vote vun dësem Gesetz gëtt de Fong, d'Experienz, de Patrimoine vun der CECA an d'Communautéit européenne iwwerdroen an e Fong instauréiert, deen d'Recherche an dësen zwee Secteuren promouvéiere soll. Et gëtt domadder en Zeeche gesat, dat beweist, datt d'EU gewëllt ass an dëse Secteuren weider

ze kommen. Et kann ee vun engem groussen Succès, vun engem groussen politeschen Projet schwätzen, deen den 23. Juli säin definitiven Ofschluss huet. Ech ginn domadder selbstverständlech den Accord vu menger Fraktioun zu dem Gesetz a soen ech villmools merci fir d'No-lauchteren.

**M. le Président.-** Merci, Här Wiseler. Den nächste Riedner ass den Här Ben Fayot.

**M. Ben Fayot (LSAP).-** Här President, wéi de Rapporteur et gesot huet, ass dëse Projet net komplizéiert. Et ass eng Iwwergangsregelung, fir dass bis zu der definitiver Ratifizéierung vum Traité de Nice déi Sue vun der CECA kënnen richteg verwalt ginn.

Ech mengen awer, dass et d'Geleeënheet ass, fir während e puer Minutten un d'CECA ze denken. Wuel ass eng Chamber keng Akademie, kee Forum, kee Séminaire oder keng Festsitzung, mä ech mengen trotzdeem, mir wäeren et ons politesch schëlleg, fir e puer Wuert un d'CECA, un hir Succèsen an un déi histoiresch Konsequenzen vun där Entreprise hei ze erënneren.

De groussen Mérite vun der CECA an déi grouss Neierung vun der CECA war, dass et eng supranational Institutioun war, also eng Institutioun, wou souverän Staaten en Deel vun hirer Souveränitéit zesummegeleegt hunn an déi dann zesummen an enger Institutioun, déi Haute autorité geheet huet, géréiert huet. Dat war eng grouss Neierung, verglach mat all deenen Institutiounen, déi virdru stattfonnt haten an déi allegeren échouéiert haten, wann ech un de Völkerbond an den drësseger Joren erënneren. Si sinn échouéiert, well déi Institutiounen allegeren en intergouvernementalen Charakter haten an deen fundamentalen Ennerscheed zwëschen enger supranationaler Institutioun an enger intergouvernementaler Institutioun, deen wierkt selbstverständlech haut nach no an all deenen Diskussiounen, déi mer um europäesche Plang hunn.

Deemools schonn, doru kann een erënneren, hunn dëselwecht Ängsche bestan, wéi se haut nach ëmmer bestinn, wa mer iwwer Europa schwätzen. D'Ängscht war deemools vun de Gewerkschaften, et kënnt duerch d'CECA, duerch deen oppene Maart ënner sechs Länner, zu sozialem Dumping kommen. D'Ängscht war, et kënnt een u Souveränitéit verléieren, wann ee géif en Deel vun der Souveränitéit ofginn, fir se besser zesumme kënnen ze verwalten.

Et gesäit een awer, dass déi Aventure, déi deemools ons Virreider agaange sinn, dass déi e formidable Succès hat. Si huet net nëmmen e Marché opgemaach fir d'Stolindustrie, fir de Kuelenhandel, mä si huet eng formidable Period vu wirtschaftlecher Prospéritéit agelaut an ouni de sou genannte gemeinsame Maart vu Kuel a Stol war et sécher a Westeuropa net esou schnell eropgaangen.

Deemools, dat muss een och soen, ass et e politesche Konsens zu Lëtzebuerg ginn, fir déi CECA ze droen. Déi dräi grouss politesch Familljen: chrëschtendemokratesch, liberal a sozialistesche Familljen hunn déi Entreprise gedroen an an deem politesche Konsens um nationale Plang lung natierlech d'Kraaft vun där Entreprise zu Lëtzebuerg.

**(M. Jean Spautz reprend la Présidence)**

Et ass fir ons Lëtzebuerger ganz besonnesch wichteg ze erwähnen – an dat ass haut därmoossen natierlech, dass am Fong geholl kee sech méi dorun erënnert: Et ass wichteg, dass d'CECA déi franséisch-däitsch Réconciliation agelaut huet. Duerch déi praktesch a konkret wirtschaftlech Zesummenaarbecht vun Däitschland a Frankräich am Kader vun der CECA hunn déi zwee Länner lues a lues zesumme fonnt, sinn se zu engem Motor vun der europäescher Integratioun ginn. Doduerch ass Lëtzebuerg, dat zwëschent deenen zwee kontinentale Bätz do läit an ënnert de Rivalitéite vun deenen zwee kontinentale Schwergewichter ëmmer an der Vergaangenheet gelidden huet, definitiv eng Ära vu Sécherheet a vun Onofhängegkeet ageutratt.

Ech mengen, dat ass e Punkt, deen een onbedéngt soll am Kapp behalen. A schliesslech kann een nach soen, fir op dee Projet hei zrëckzekommen, dass d'CECA an all där Zäit, wou se existéiert huet, e ganz groussen Effort vu Recherche gemaach huet, fir d'Aarbechtskonditiounen vun den Aarbechter an der Stolindustrie, an de Kuelegrouwen ze verbesseren, dass doduerch ganz grouss Fortschrëtter komm si fir déi schaffend Leit.

Et ass jo och ze begrëssen, dass déi Suen, wat am Fong geholl Sue vun der Industrie sinn, also vun den Entrepreneuren a vun den Aarbechter, dass déi solle weider gebraucht ginn, fir weider Recherchen ze maachen, fir d'Aarbechtskonditiounen ze verbesseren.

Ech mengen, et wär wierklech gutt, wéi den Här Wiseler an den Här Calmes dat gemaach hunn, dass d'Chamber hei trotzdeem eng Minutt drun erënnert, wat d'CECA ons alles bruecht huet, net nëmmen eng wirtschaftlech Avancée, mä virun allem Fridden a Wuelstand fir d'Leit alleguer. Merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Jean-Paul Rippinger.

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).**- Här President. Mir approuvéieren dat, wat den Här Emile Calmes als Rapporteur zu dësem Projet de loi gesot huet, a mir wäerten och dat approuvéieren, wat d'Mme Ausseminister derzou seet, esou dass ech ganz einfach nëmme brauch den Accord vun eiser Fraktioun derzou ze bréngen.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Gast Gibéryen.

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här President, ech ka mech nëmmen de Wieder vu mengem Virriedner uschlëssen

an d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun zu dësem Projet bréngen.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Huss.

**M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).**- Här President, ech wëll mech ganz kuerz halen.

Nodeem den Här Calmes als Rapporteur de Contenu vun dësem Projet an allen Detailer virgestallt huet, den honorabelen Här Wiseler an och den Här Fayot e wéineg op den Historik vun der CECA agaange sinn, wëll ech net méi vill Wieder doriwwer verléieren.

Et ass ganz klor, dass jiddferee sech bewusst ass, wat fir eng Roll d'CECA an de 50er Jore gespillt huet, wéi Europa no dem zweete Weltkrich um Buedem long a wéi d'Wirtschaft erëm sollt opgebaut ginn.

An de 50er Joren ass niewent der CECA eng zweet europäesch Institutioun gegrënnt ginn, den EURATOM. Ech brauch lech net ze soen, dass mir als Gréng där Institutioun vis-à-vis eng vill méi negativ Haltung hu wéi der CECA vis-à-vis, déi elo auslafe soll.

Wa mer och eis Zoustëmmung zu dësem Projet wäerte ginn, da wëll ech awer eng kritesch Remarque derzou maachen a soen, wat eis net esou un deem Projet gefällt, obscho mer en natierlech wäerte stëmmen. Et ass dat, wat elo mat deene Fonge geschitt, déi vun der CECA an d'Europäesch Unioun iwwerginn, wou déi Fonge vun engem Fonds de recherche charbon et acier sollen iwwerholl ginn. Et hätt ee sech doriwwer misse Froe stellen.

D'Recherche, wat de Stol ubelaangt, déi schéngt eis ganz sënnvoll ze sinn. Do sinn nach ganz vill Recherchen ze maachen, zum Beispill wat Froe vun Ëmwelt an Aarbechtssécherheet ubelaangt. Och wat een aus dem Stol nach weider kënnt entwéckelen.

Wat d'Kuel ubelaangt, do hu mer schonn eng Iddi méi Problemer, well d'Kuel, an eisen Aen, keng Zukunftstechnologie ass. D'Kuel ass bekannt derfir, dass se den Hauptfacteur vun den CO2-Emissiounen ass. Obschonn a ville Länner, besonnesch an Osteuropa oder a China, nach vill mat der Kuel geschafft gëtt, ass et fir eis awer keng Zukunftstechnologie. Och déi Projete vu Kueleverflëssegung schéngen eis Projeten ze sinn, déi wierklech nach an de Stäre stinn.

Et hätt ee sech kënne froen, ob net mindestens en Deel vun deene Kreditter besser an e Fonds de recherche iwwer Energieeffizienz an alternativ Energien, Solarenergie a Photovoltaik hätte kënnen investéiert ginn. Dat wär an eisen Aen eventuell méi sënnvoll gewiescht, wéi déi Suen an e Fonds de recherche iwwert d'Kuel ze orientéieren. Dat ass leider net méiglech gewiescht. Iwwert den Traité de Nice sinn déi Dispositiounen esou getraff ginn, wéi se ebe getraff gi sinn: e Fonds de recherche charbon et acier. Well dat awer eng wichteg Saach ass, dass d'CECA elo nahtlos kann an d'Euro-

päesch Unioun iwwergoen, si mer d'accord, fir dëse Projet trotzdeem ze stëmmen.

Merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet d'Mme Ausseministesche Lydie Polfer.

**Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.-** Merci, Här President. Et wär gewëss vill ze soen iwwert déi 50 Joer, déi d'CECA bedeit huet, ganz besonnesch fir onst Land bedeit huet. Et war jo eent vun den Haaptelementer fir de Räichtum vun onsem Land, eng Communautéit, dat wëll ech hei ënnersträichen, déi net virun allem en ekonomesche Charakter hat, quitte dass dat dat éischt war, wat ee gesinn huet, mä déi vun Unfank un e ganz politesche Charakter hat.

Et ass drëm gaangen, wat jo vill vun de Virriedner hei gesot hunn, deene Länner, déi während Jorhonnerte sech bekämpft hunn, an am leschte Jorhonnert och nach zweemol, an dat op eng ganz grausam Aart a Weis, hir Intérëten esou ze bündelen, dass dat net méi kënnt virkommen.

Ech soen deene Virriedner, déi dorop higewisen hunn, merci, an dat besonnesch dem Rapporteur, dem Här Calmes, mä och dem Här Wiseler, dem Här Fayot, dem Här Huss, an natierlech och fir den Accord den Häre Gibéryen a Rippinger.

Mir hätten ons am Fong dëst Gesetz kënne spuren, wann et esou gaange wier, wéi mer et zu Nice gemengt haten. Zu Nice hate mer am Fong all d'Dispositiounen geholl, dass dat hei automatesch am ganze Ratifikationsprozess hätt kënne mat iwwerholl ginn. Elo ass et awer esou, dass um Datum vum 23. Juli, wou de CECA-Vertrag ausleeft, deen Traité vun Nice nach net vun all de 15 Länner ratifizéiert ginn ass an dofir huet missen, fir awer juristesche eng einwandfrei Basis ze hunn, fir déi Sue vun der Kommissioun gëereieren ze loosse, dëst Gesetz geschafe ginn. Dat ass dann och den Objet vun dësem Projet de loi. Et ass eppes, wat mer am Fong schonn diskutéiert hunn, an dofir kënne mer et méi kuerz maachen.

Gewëss, et geet ëm vill Suen, 1,6 Milliarden Euro, déi hei iwwerdroe ginn. Dat ass schonn eng grouss Zomm. Ech mengen awer kënne ze soen, dass een der Kommissioun an dem Parlament, dat jo den Droit de regard drop huet, ka vertrauen, dass déi Suen op déi richteg Projekte ginn. Dat fir den Här Huss doran iergendwéi ze berouegen.

Merci fir Är Ënnerstëtzung, merci fir d'Aarbecht, déi vun der Chamber gemaach ginn ass, a merci virun allem fir déi unanime Zoustëmmung.

**M. le Président.-** D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi a stëmmen driwwer of.

### **Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4945.

*Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass unanime mat 57 Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mmes Marie-Josée Meyers-Frank, Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Claude Wiseler) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Marco Schroell), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par M. John Schummer), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);*

*M. Serge Urbany.*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

### **(Assentiment)**

Et ass esou decidéiert.

Domat si mer um Schluss vun der Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtteg um 14.30 Auer.

D'Sitzung ass opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à 16.39 heures)**